Question élargie N°3
Entrée le 19.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, géif ech dem Här Schoulminister eng erweidert parlamentaresch Fro stellen.

Schweden wëll seng national Digitaliséierungsstrategie an de Schoule bremsen a schaaft Tablets an de Primärschoulen erëm of, aner Länner plange generell Handyverbueter an de Schoulen. Vill wëssenschaftlech Studie beleeë mëttlerweil, datt digital Outilen d'Lies- a Léierkompetenze vun de Schüler beanträchtegen.

Wéi steet de Lëtzebuerger Schoulminister zu dëser iwwerraschender Decisioun vun der schwedescher Regierung? Ass hei am Land geplangt, den ageschloene Wee a Richtung verstäerkt Digitaliséierung an de Schoulen ze iwwerdenken?

Well d'Fro ronderëm d'Digitaliséierung an eise Schoule vu grousser Wichtegkeet fir d'Zukunft vun eise Schüler a domat vun eisem Land ass, wier ech frou, wann Dir dës erweidert Ufro un den Här Schoulminister zäitno op d'Dagesuerdnung vun der Chamber kéint setzen.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten